

10 Joer Nortic:

# Avibemama

E Stéck iwwer modern Technologien  
an d'Problemer, déi een domat kann hunn

fir méi oder manner 20 Kanner

geschriwwen vum Roland Meyer

Eng Zesummenaarbecht zwëschen der Grondschoul Wëlwerwoltz,  
dem Nortic an der Theaterschoul

De Probleem ass net d'Maschinn; de Problem sinn d'Leit, déi domat schaffen...

## **Rollen:**

- 1: Jerry – een Avibemama-Spezialist
- 2: Barney – och een Avibemama-Spezialist
- 3: Ben Bäcker – e Bäcker
- 4: Bill Bäcker – nach ee Bäcker
- 5: Pol Generol – en “déckt Déier” bei der Arméi
- 6: Den Zaldot – een einfachen Zaldot
- 7: Larry Läera – ee Schoulmeeschter
- 8: Lubomir Läera – nach e Schoulmeeschter
- 9: Joffer Koffer – eng jonk Léierin
- 10: Dino Feiereisen – e granzege Portier
- 11: Carlo Kënschtler – e Mooler
- 12: Kurt Kënschtler – e Schrëftsteller
- 13: Amanda – e Kand
- 14: Sam – e Kand
- 15: Ritter Kunibert – en ale Ritter
- 16: Ritter Gummibär – nach een ale Ritter
- 17: Minister Philister – ee Minister
- 18: Minister Kanister – nach ee Minister
- 19: Düsches Esmeralda déi 56. - Meeschtesch
- 20: Prënz Hierk – hiere Mann

## **Bühn:**

Als Honnergrond vun der Bühn ass d'Avibemama opgebaut, eng riiseg Maschinn, mat ville Kabelen, Zännrieder an Bildschiermer. Et kënnen och Leederen integréiert sinn, fir datt een op d'Maschinn eropklamme kann... Am Ufank vum Stéck ass se mat engem groussen Duch zougedeckt, wëll se soll jo eréischt “enthüllt”, dat heescht ageweih ginn.

## Szen 1:

Off: An engem Land ganz wäit eweg vun hei, an iewer esou no, ass an enger Zäit, déi scho laang eriwwer an iewer nach émmer am gaangen ass, dës Geschicht passéiert, déi esou geschitt ass, wéi mir iech se hei verzielen, an iewer ganz erfond ass.

Alles un dier Geschicht ass wouer, an alles ass gelunn.

Dino: Ass et dann elo bal roueg do uewen... fänkt endlech un, ech hu meng Zäit net an der Lotterie gewonnen! *Hie gesäit d'Amanda an de Sam* A wat hutt dir zwee Gaassekanner em dës Zäit dann nach hei verluer? Allez hopp, séier an d'Klapp!

Amanda: Här Feiereisen, entschéllegt, mir wollte just...

Dino: Wien ass hei de Portier? Du oder ech?

Sam: Du!

Dino: Et voilà! Da maacht iech elo séier iwwer d'Huttschnouer, ier all déi dichteg a wichteg Leit hei opdauchen. Bei dienen hunn zwee esou Rotzkanner näischt verluer. Ech muss nach fäerdebotzen, et dauert net méi laang...

Amanda: Wie sinn dann déi dichteg a wichteg Leit, Här Feiereisen? Sot eis dat nach, da si mir direkt fort a loossen Iech mat Rou.

Dino: Dokteren, Affekoten a Notären... soen ech iech. Wat weess ech? Et ass émmer dat selwecht. An Eiseree ka kieren a Schnittercher schmieren.

Sam: Ass d'Düsches Esmeralda och dobäi?

Dino: Ma sécher dat. Si an hieren topeche Männchen, die Prënz Hierk do. An d'Düsches huet eng Hellewull diers bessere Pak invitíert, fir hinnen hiert neit Spillgezei ze weisen.

Amada: Eppes fir ze spinnen? Ou, wat dann, mir wëllen och matspinnen?!

Dino: Dat ass e Spillgezei fir déi Erwuessen, oder déi, déi sech dofir halen. Dat ass näischt fir d'Kanner. Sou, an elo maacht, datt dir fortkommt! Ech muss schaffen.

Sam: Äddi, alen Dinosaurier. Du weess jo, wéi et Dengesgläiche geet!?

Dino: Gitt elo net och nach frech, dir zwee Schnuddler, soss gött et eng mat der Biischt hannebäi.

Amanda: Kanner däerf ee net schloen!

Dino: Esou eng wéi dir, déi muss een esou guer schloen! A wéi ass et Mengesgläichen dann ergaangen? A wat soll mir da scho geschéien?

Sam: A, du weess net, wat aus den Dinoe gouf? Ma ausgestuerwe si se. An esou geet et dir och.

Dino: Allez séier fort mat iech zwee Frechdachsen!

*Hie leeft dienen zwee no, mee si si méi séier wéi hien, an hie kritt se net erëm. De Portier ass elo hannert der Bühn verschwonnen, dienen zwee Knner hier Käpp dauchen uwen hannert der Maschinn op. Vun hei aus können si sech elo alles ukucken.*

## Szen 2:

*Lues a lues kommen elo all d'Invitéen un: fir d'éischt d'Bäckere vun enger Säit, an d'Kënschtler vun dier anerer. Dono all déi aner. Si ginn sech all Kéier d'Hand, oder Bussibussi... a begréissen sech häerzlech, wéi al Bekannter dat eebee esou maachen... (Text upassen, wa Meedercher dës Rolle spiller.)*

Ben: A gudde Moien Här Carlo Kënschtler, wat mécht d'Molerei? An den Här Kurt Kënschtler ass och dobäi!

Kurt: Dir Häre Bäcker. Schéin Iech emol nees eng Kéier ze gesinn. Ass d'Brout nach èmmer gutt knusperech, hahaha?

Kunibert: À vos armes! Nee, de Generol Pol, sidd Dir och do? A wéi ech gesinn, mat Ärer ganzer Arméi! Dir hutt Ären Zaldot och dobäi.

Pol: Ganz zu Ären Dingschten, Ritter Kunibert a Ritter Gummibär. Schéin Iech gesond a monter hei ze gesinn! *Si klappen sech géigensäiteg op d'Schëller, datt se bal k.o. ginn.*

Philister: Nu kuckt emol un, eist Léierpersonal ass och ugetrueden. Wéi et schingt, hutt Dir den Owend emol eng Kéier näischte verbesseren... ?

Larry: Därf ech Iech virstellen Minister Philister, dëst ass mäi Kolleg de Lubomir Läera, ee vun diene beschte Schoulmeeschtere wäit a breet. Hie beherrscht d'Verb s'assoir an allen Zäiten, hannerécks a figenzech!

Dino: A vu wéi engem Schoulmeeschter kann een dat haut nach behaapten!

Joffer Koffer: Ma Här Feiereisen, Dir sidd iewer an engem Stéck um Meckeren!

Kanister: Joffer Koffer, wat fir eng Freed, Iech kennen ze léieren. Wann Dir erakommt, da gëtt et méi hell am Sall.

Philister: Et ass een ale Charmeur, mäi Minister Kanister, mee e mengt et net esou, Joffer Koffer.

Lubomir: Passt op, se kommen!

Kunibert & Gummibär: Mir begréissen eis wonnerbar an intelligent Düsches Esmeralda déi 56. ... an hiere léiwe Mann, de Prënz Hierk.

*All klappen se, wann d'Koppel erakënnt, d'Esmeralda vir, de Prënz, am gaangen e Spill op sengem Handy ze maachen, hannendrunn.*

Düsches: Nee wéi schéin! Ech hu geruff, an Dir sidd all komm.

Kunibert: Esou war et nach èmmer, esou ass et an esou soll et och èmmer bleiwen. Et ass am beschten, wann alles esou bleift wéi et èmmer war. Wir wölle bleiwe wat mer sinn!

Düsches: Jojo, Ritter, ech wees, ech weess. Rittere sinn net grad déi modernste Leit. Mee, léif Bierger, moderner an och net esou moderner, ech hunn iech all geruff fir iech matzedeelen, datt...

*Elo schellt dem Prënz sain Handy...*

Hierk: Entschéllegt, meng Häerzallerléifsten, et ass ... mäin Handy. Jo, a Miley, du bass et... Just eng Sekonn, ech kann elo net schwätzen...

*Hie geet vun der Bühn.*

Düsches: Ech a meng Ministeren, *d'Ministere bekucken sech, wéi wa se vun näischt gingen eppes wëssen* mir hu festgestallt, datt et an eisem Land nach zougeet, wéi virun 100 Joer.

Gummibär: Dat ass richtege, Madame. An dat ass och gutt esou!

Düsches: Eben net! Et ass net gutt, wann an eise Nopeschlänner alles méi séier geet, wa si méi modern sinn, wa si alles besser kënne wéi mir. Mir müssen eis Kompetenzen uppassen, d'Mëttelalter ass definitiv eriwwer!

Joffer Koffer: Bravo, Madame Esmeralda. Bravo!!!

*D'Joffer Koffer klappt an d'Hänn, a rifft Bravo, mee si ass déi eenzeg. All déi aner bekucken si, wéi wa se en Alien wir. Si hällt op mat klappen a kuckt an de Buedem.*

Düsches: Ma ech si frou, datt d'Begeeschterung fir d'Innovatioun hei bei eis esou grouss ass. Dofir hunn ech eng Avibemama bei Microgooglephone bestallt. Dat ass eng original Alles-Vill-Besser-Maach-Maschinn, an dofir heescht se och esou. Mat hirer Hellef gi mir endlech méi séier, méi héich a méi wäit, also méi besser...

Kanister: Da sinn ech iewer emol gespaant!

Düsches: Mee wat schätzen ech esou vill, loosse mir d'Avibemama selwer schwätzen, si wäert Iech all iwwerzeegen, mat hierem Total-Quality-Button. Et geet duer, datt dir dien dréckt, a schonns gëtt alles besser. Monsieur Ben a Monsieur Bill Bäcker... wëllt dir, als éischt, emol probéieren!

*Déi zwee gi bei d'Maschinn an zéien d'Duch erof. Grousst Stauenen!  
Dono huele si en Eemer Miel a schëdden en an d'Maschinn. Si drecken den Total-Quality-Button. D'Maschinn spréngt un... et rumpelt an et kraacht...*

Düsches: Elo kënnt dir et emol all erliewen... aus dier Maschinn kommen elo super gutt frësch a knuspereg gebaake Bréidercher eraus.

*No e puer Sekonnen kënnt d'Miel ënnen nees an den Eemer erausgelaſt.*

Ben: Kuckt Madame, et ass näischt geschidd. Dat si keng Bréidercher, dat ass nach èmmer Miel.

Düsches: Da musse mir eppes vergiess hunn...? - Hmm, also, d'Schoulmeeschtere solle jo gescheit Leit sinn... Probéiert dir et emol!

Larry: Kuckt hei, Madame Düsches, dat hei ass e Koup onverbessert Aufgaben an Tester vun eise Kanner. Mir stiechen se hei uewen eran, an da kommen se ènne verbessert eraus.

*Déi dräi gi bei d'Maschinn a stiechen d'Tester uewen an. Si drecken den Total-Quality-Button. D'Maschinn spréngt un... et rumpelt an et kraacht... No e puer Sekonnen kommen d'Tester ènne geschreddert eraus.*

Sam: Déi do brauche mir mar net ze verbesseren.

Lubomir: Mon Dieu! Wat ass dann do geschitt? Geschreddert, geschreddert si se, alles futsch. A wat solle mir elo den Eltere soen!

Düsches: Ech kämmere mech do drëmms. Leet Dir Äre Kapp a Rou wat déi Tester ugeet. - Mee do stëmmt iergendeppes net! Mir maache nach ee leschte Versuch: Déi Häre Kënschtler produzéiere jo normalerweis iergendeppes, wat kee versteet, an nennen et da Konscht. Do kann dann eigentlech net vill schif goen.

*Déi zwee gi bei d'Maschinn a stieche jiddereen e wässt Blat uewen an. Si drecken den Total-Quality-Button. D'Maschinn spréngt un... et rumpelt an et kraacht... No e puer Sekonnen kënnt e schrecklecht!!!!) Bild önnen eraus an ee Gedicht.*

Düsches: Léiwe Monsieur Kurt, groussen Dichter. Nach besteet Hoffnung. Liest eis d'Gedicht w.e.g. vir. Et ass bestëmmt vun enger fantastescher Qualitéit!

Kurt: Ehm, hem, hei steet:

La la la

titi caka waka waka

itzi bitzi

tiini wiini

rumdummdumm

widdibumm

Düsches: Jo, ehem, dat war et dann och wuel net. Mir maachen eppes falsch, mee wat?

*Si geet bei d'Maschinn a kuckt sech alles un.*

Düsches: Et ass èmmer schwéier, mat dier moderner Technik. Esou vill Knäppercher a Riedercher. Esou vill Programmer an Appen. Wie soll domat nach Eens ginn.

Kanister: Kee Mënsch!

Philister: Esou komplizéiert Maschinnen sinn näischt fir eis.

Gummibär: Déi brauche mir iwwerhaapt net.

Kunibert: Esou eppes hu mir nach ni gebraucht, esou eppes brauche mir net, an esou eppes wäerte mir och ni brauchen.

*De Prënz kënnt nees eran.*

Hierk: Hunn ech eppes verpasst?

Düsches: Nee, net wierklech. Et funktionéiert net.

All: Et funktionéiert net!

Hierk: Ou, bei dienen aneren geet et iewer.

Düsches: Mir maachen eppes falsch. Esou vill steet fest. Mee mir wësse net, wat mir falsch maachen.

All: Mir wëssen et net!

Düsches: A mir wëssen och net, wien eis et soe kënnt.

Hierk: Wien eis et soe kënnt?

All: Wien eis et soe kënnt.

Düsches: Ech mengen, mir kënnen näisch mat dier Maschinn do ufänken.

Hierk: Kuck emol do!

All: Wou?

Hierk: Ma do, do ass ee Knäppchen.

All: Ee Knäppchen!

Hierk: An op diem Knäppchen seet HELP.

*D'Düsches dréckt op den Help-Button.*

All: Help, I need somebody  
Help, not just anybody  
Help, you know, I need someone  
Help

### Szen 3:

*Den Jerry an de Barney kommen (am Niwwel?) op d'Bühn. Si sinn ugedoen wéi d'Bluesbrothers: schwaarze Kostüm, wässt Hiem, Hitt a Sonnebrëller.*

Barney: Gudde Moien, Ladies an Gentlemen. Dir hutt eis geruff, mir si komm!  
Dëst ass den Jerry Nortic, Spezialist fir alles, wat mat der Hardware vun der Avibemama ze dinn huet.

Jerry: An dëst ass de Barney Nortic. Sengersäits Spezialist fir de Software-Beräich. Wat kënne mir fir Iech maachen?

Düsches: Iech schéckt den Himmel!

Barney: Esou wäit musst Dir net goen, Madame. Dir hutt den Help-Button gedréckt, dat heescht fir eis: mir gi gebraucht.

Joffer Koffer: Barney Nortic! Wat fir ee schéini Numm. *Et gesäit een der Joffer of, datt si definitiv an de Barney verschoss ass.*

Jerry: Net den Numm zielt, et ass de Mann... also dem Mann seng Kompetenzen.

Joffer Koffer: Barney Nortic! Wat fir ee schéine Mann!

Gummibär: Dir Hären, merci fir de Besuch. Mee dir kënnt elo nees goen!

Kunibert: An am beschten huelt dir Är komesch Maschinn do och nees direkt mat.

Düsches: Lues, lues! Mir hunn deier fir déi Maschinn bezuelt, an elo hätt ech gär, datt se och nees geet.

Philister: Goen oder net goen, dat ass d'Fro. Dir Hären, dir hutt besser ze goen.

Kanister: Mir hunn iech nach ni gebraucht, mir brauchen iech net a mir wäerten iech och ni brauchen.

Joffer Koffer: Dat gesinn ech iewer ganz anescht.  
*D'Joffer geet e puer Schrätt op de Barney duer.*

Barney: Mir maache just e klengen Check-up vun der interner Programm-Struktur, dono streeme mir kuerz den Input-Output-Channel an da misst et am Prinzip scho goen. *Hie fänkt un, un der Maschinn ze kniwwelen...*

Jerry: Esou Problemer gëtt et alt beim Start-up, mee no dier Kick-off-Phase stabiliséiert sech de System dann huerteg. *Och hie kniwwelt...*

Joffer Koffer: Wat kann die Mann schwätzen! Die mécht mech ganz wibblech!

Hierk: Wibbelech? Domat geet et net duer Madame Koffer! Hei zielt némmen, wat hannen eraus kénnt.

*D'Avibemama rumpelt, zischt, gierkst... an dann ass et ganz roueg.*

Barney: Sou, mir sinn elo esou wäit. Mir können den Test ugoen. Madame Esmeralda, wat kénne mir fir Iech maachen?

Düsches: Ech hu mir schonns émmer esou ee klenge Roboter gewünscht, wësst dir, die fir mech botzt a spullt a kiert a wäsch ... an esou weiter. Op mäi Prënz Hierk kann ech do leider net zielen, dien huet just säin Handy am Kapp.

Jerry: Kee Problem Madame: kuckt hei: *hie schafft un der Maschinn* einfach un dësem Multifunktiounsriedchen dréien, da ruckelt den Zär op Robotec a scho geet et lass...

*Nees Kaméidi, Zischen, Guergelen.... an da kénnt e klenge Roboter énnen aus der Maschinn gefuer.*

Düsches: Bow, ech si paff!

Barney: Madame, dat ass just den Ufank. Wann Dir an Är Leit bis wëssen, wéi déi Maschinn funktionéiert, a wéi eng Méiglechkeeten et gëtt, da kénnt Dir nach ganz aner Saache réaliséieren.

Joffer Koffer: Wierklech, zwee Supermänner?!?!

Lubomir: Joffer, e bësse Contenance! Mir sollen dach Virbiller sinn!

Joffer Koffer: Soen ech jo: Virbiller, Supermänner, Helden!

Kanister: Joffer Koffer, Dir gleeft un de Kleesschen, dat ass dach alles blannen Zauber!

Philister: Dat war nach émmer blannen Zauber!

Kunibert: Dat ass blannen Zauber!

Gummibert: An dat wäert och émmer blannen Zauber bleiwen.

Düsches: Dir Häre Nortic Barney an Nortic Jerry. Ech weess elo, wéi mir et maachen: dir bleift bis mar bei eis. A mar weist dir all eise Leit, wéi d'Avibemama funktionéiert a wat een alles kann domadder maachen.

Barney: Dat gëtt net einfach!

Hierk: Pardon? Wat hunn ech do héieren?

Jerry: Näischt, Prënz Hierk, guer näischt... mäi Kolleg sot just: näischt méi einfach wéi dat. Gell du Barney, du soss, näischt méi einfach wéi dat.

Barney: Nee, ... ehem, ... dach... jo, dat sot ech!

Joffer Koffer: Mister Barney, hutt Dir schonns en Hotel fir den Owend?

*All gi se vun der Bühn, et gött däischter.*

## Szen 4:

*De Sam an d'Amanda klammen aus hierer Stopp.*

Sam: Ma léiwe Schung! Cool Maschinn!

Amanda: Mee komplizéiert. Mat esou eppes kënnt ech ni emgoen.

Sam: Dat mengs du nëmmen. Weess de, déi Al ginn domat net eenz. Mir Kanner hu kee Problem. Soll ech emol probéieren?

Amanda: Looss d'Fanger léiwer dovunner. Et weess ee net, wat alles geschéie kann.

Sam: Oh, Amanda, elo sinn ech iewer enttäuscht. Soss fäerts du dach och näischt. Allez komm! Kuck hei, hei mat dësem Hiewel mécht een d'Maschinn un.

Amanda: Ech weess net?

Sam: Bow, elo ginn d'Luuchte schonns un. Da brauch ech elo nach just dëse Knäppchen...

*Schrëtt sin ze héieren.*

Amanda: Sam...

Sam: Stéier mech net Amamanda, also ech muss dëse Knäppchen...

Amanda: Sam, lauschter...

Sam: Ech héiere näischt...

Amanda: Da lauschter richteg.

Sam: Amanda, ech mengen du gesäis d'Männ... Do kommen der. Séier fort vun hei.

*A schwupps si se nees an hierer Stopp verschwommen.  
Déi 2 Ministeren an déi 2 Rittere kommen era geschlaach.*

Kanister: Alles OK! Et ass keen do.

Kunibert: Net esou haart, net datt nach een eis héiert.

Philister: Hei ass se, déi Monstermaschinn.

Gummibär: Esou eppes brauche mir net hei.

Kanister: Um Enn mécht se nach eis Aarbecht. A wat solle mir da maachen?

Kunibert: Um Enn ass se nach méi gescheit wéi mir. A wat solle mir da maachen?

Philister: Um Enn mécht se eis iwwerflësseg, a wat solle mir da maachen?

Gummibär: Um Enn ka se besser rechenen a schreiwe wéi mir, a wat solle mir da maachen.

Sam: Ma déi hu vläicht Problemer!

Philister: Wat hunn ech do héieren?

Kanister: Ass do een?

Kunibert: Wien huet do geschwat?

Gumibär: "Et war net keen!"

Amanda: Psst! Sief roueg!

Kunibert: Elo ass et roueg.

Gummibär: Ech héieren op alle Fall näischt...

Philister: Gutt. Da maache mir eis un d'Aarbecht.

Kanister: Wa mir dat Rad do vir mathuelen, da spréngt d'Maschinn net méi un. Da kënne se maachen, wat se wëllen. Da gött et näischt méi.

Gummibär: Ha, Männer! Mir sinn iewer esou gescheit!

Kunibert: An esou lous! Eis véier bést keen den Aarm.

Kanister: Et ass just dat hei:

Philister: Wat ass dann elo nach, Minister Kanister?

Kannister: Minister Philister, ech weess net, wou mir dat Rad da solle verstoppfen.

Kunibert: Kee Problem. Einfach do énner den Teppéch domat. Énnert dien Teppéch gouf schonns esouvill gekiert, do kënnt et op ee Riedche méi oder manner net un.

Gummibär: An et geet och keen dohinner sichen, wëll jiddereen huet do nach Läichen am Keller.

Philister: Ma da lass! Minister Kanister, gëff mir de Schrauweschlëssel!

Kanister: Hei ass en Minister Philister. Klamm erop, ech halen d'Leeder un.

*Si klammen erop, schrauwen d'Rad of a verstoppfen et énner dem Teppéch.*

Kunibert: Gutt geschafft, Dir Hären. A séier domat énner der Teppéch!

Gummibär: Da kënnen eis zwee Spezialiste mar emol kucken, wéi se d'Maschinn un d'Lafe kréien. Hei fënd keen eppes... Hahaha!

*Si maachen sech séier aus dem Stëbs.*

## Szen 5:

*De Sam an d'Amanda, déi alles gesinn hunn, kommen aus hierer Stop.*

Amanda: Also nee, dat do hätt ech iewer elo net fir méiglech gehal.

Sam: An da menge mir èmmer, déi dichteg Hären gingen esou eppes ni am Liewe maachen.

Amanda: An da sinn et grad si, déi eng un déi aner stëbsen.

Sam: So, Amanda, wat solle mir dann elo maachen?

Amanda: Dat ass eng gutt Fro, Sam. Wa mir si uschmieren, da geet d'Maschinn zwar mar neess, vläicht ass eis Düsches an de Prënz Hierk och déck frou mat eis, mee déi véier do wëll ech net onbedingt als Feinden hunn.

Sam: Dat si keng Gutt! Do hues de ganz Recht!

*Et héiert ee Schrëtt.*

Amanda: Pass op do kënnt een.

Sam: Ze spéit, se si schonn do.

*Et ass de Barney an den Jerry.*

Barney: A wat maacht dir zwee dann hei bei der Maschinn?

Jerry: Dir wäert dach keng wëllen dréien hei?... et wir net déi éischte Kéier.

Amanda: Net déi éischte Kéier?

Barney: Allerdings, mengt némme net, d'Leit gingen sech all freeën, wa mir mat eiser Maschinn kommen.

Jerry: Vill hunn der Angscht: se fäerten, se künnte net domat èmgoen, se fäerten se gingen duerch d'Maschinn iwwerflësseg ginn, se fäerten, déi aner künnte um Enn besser domat èmgoen.

Barney: Se fäerten sech den Hënneschten aus der Box, an dobei soll d'Avibemama eis d'Liewe just e bësse méi einfach maachen - wëll et ass och esou scho schwéier genuch!

Jerry: Virun e puer Wochen ass hei am Nopeschland eng ganz Maschinn einfach esou verschwonnen. Mir haten extra e Weenchen gebaut, fir se besser ze transportéieren, an um Enn hat een se geklaut.

Barney: An dann èmmer nees Sabotage. Mutwölleg gi Saache futti gemaach, némmen fir datt d'Maschinn net uerdentlech soll funktionéieren... Et ass fir Mippercher ze kréien.

Sam: Monsieur Barney a Monsieur Jerry, mir mussen Iech eppes verroden.

Jerry: Nëmmen eraus mat der Sprooch. Eis braucht der net ze fäerten.

Amanda: Dat ass gutt. Also, mir hu vun do uewen, aus eiser Stopp gesinn, datt véier ... ehem, wéi soll ech soen... véier Onbekannter, een Zännrad aus der Maschinn geschrauft an et do hannen énner den Teppéch verstoppt hunn.

Sam: Da geet d'Maschinn mar net, an da wëllt eis Düschesse se net méi.

Barney: Dat ass net déi éischte Kéier!

Jerry: Gutt, weist eis nach, wou d'Rad läit. Da loosse mir et do op der Plaz si bis mar, net datt se herno nach eng Kéier nokucken, a wann et net méi do ass, nach eppes aneschzt zum Onwee maachen.

Amanda: Hei, kuckt, hei läit et.

Barney: Tipptopp Kanner. Do hutt dir eis vill gehollef. Mir soen iech villmoools merci. Sou, an elo gitt séier schlafen, datt dir fit sidd fir mat!

Sam & Amanda: Nuecht Barney, Nuecht Jerry. Schloft esou gutt wéi Dir némme kënnt.

Jerry: Nuecht Kanner, an nach eng Kéier merci!

*D'Kanner verschwanden. De Barney an den Jerry paken hier Schlofsäck aus.*

Barney: Ech maachen de Virschlag, mir schlafen den Owend hei bei der Maschinn, net datt nach eng Kéier een op d'Iddi kënnt, eppes un der Maschinn ze fréckelen.

Jerry: Ech sinn iewer och esou midd. Ech schlafen hënt wéi een Dachs!

Jerry & Barney: Lilalu, nur der Mann im Mond schaut zu...

*A scho si se ageschlief.*

## Szen 6:

*Knapps schnaarchen se, do kommen och schonn de Portier vun dier enger Säit an d'Joffer Koffer vun dier anerer.*

Joffer: *flüstert* Barney, léiwe Barney, héiert Dir mech?

Dino: Wat ass dat een Duercherneen hei! Ech muss nach séier eng Kéier optraumen, ier ech schlofe ginn.

Joffer: Barney, lauschtert...

Dino: Hunn ech do eppes héieren?

Joffer: Barney! Ech wollt Iech schonn die ganzen Daag...

Dino: Da waart, ech muss mäi Hörapparat méi haart maachen...

Joffer: Die ganzen Daag wollt ech Iech schonns soen, datt ech immens...

Dino: Sou, elo héieren ech besser.

Joffer: ... frou mat iech sinn.

Dino: Dir, Joffer Koffer, Dir sidd frou mat mir!???

Joffer: Här Feiereisen, o mei, Iech hat ech elo iewer net gesinn.

Dino: Dir sidd frou mat mir. Dat huet nach ni een zu mir gesot. Loosst iech emäerbelen...

Joffer: Hëllef ... hëllef...

*De Portier leeft der Joffer no... kritt se iewer – Gott sei Dank – net erëm!*

## Szen 7:

*Vun dier anerer Säit kommen elo de Ben an de Bill Bäcker, de Pol Generol an den Zaldot.*

Pol: Sou, hei si mir. Et ass gutt, déi zwee schlofen. Da musse mir elo lues maachen.

Ben: Wa mar déi Maschinn a Betrieb geholl gëtt, da kënne mir bestëmmt eise Buttik zoumaachen.

Bill: Déi mécht da bessert Brout wéi mir an all Mënsch kënnt säi Brout dann heihinner sichen an net méi bei eis. Da si mir faillite!

Zaldot: Mir müssen d'Maschinn sabotéieren. Ech weess, wéi dat geet.

Pol: A wouhier weess du dat dann?

Zaldot: Virun 30 Joer war ech scho bei de Bommeleeër... do hunn ech dat geléiert.

Pol: Geess de, mir wäerten dach elo keng Bommen hei leeën.

Ben: Et geet duer, datt mir dat Zännrad do uewen ofschrauwen.

Bill: Da geet d'Maschinn net méi. Esou einfach ass dat.

Pol: Gutt! Esou einfach ass dat! Zaldot, allez, du klémms erop a schraufs d'Zännrad of.

Zaldat: Här Generol ...

Pol: Dajee, geet et da bal!

Zaldot: Här Generol ...

Pol: Keng Widderried. Allez, a séier d'Leeder aus!

Zaldot: Här Generol, et ass dat hei...

Pol: Nach ee Wuert dann...

Zaldot: Do ass keen Zännrad méi.

Ben: Do ass keen Zännrad méi!

Bill: Tatsächlech, d'Zännrad ass fort!

Pol: Dat ass gutt, da geet d'Maschinn net méi.

Zaldot: Da kenne mir elo schlofe goen.

Ben: Waart! A wann déi zwee hei, den Jerry an de Barney Nortic, d'Zännrad selwer ofgeschrauft hunn...

Pol: A firwat sollen si dat da maachen?

Bill: Ganz einfach, fir datt mir et net maachen!

Pol: Dat war schaarf nogeduecht! Dir hutt Recht. Mir mussen et sichen.

*Si schläichen iwwer d'Bühn, mee si fanne näischt. De Pol, Bill a Benn kommen nees zesummen, den Zaldot sicht weider.*

Pol: Näischt ze fannen. Si mussen et gutt verstoppt hunn.

Bill: Wat maache mir dann elo?

Ben: Ech mengen, fir den Owend musse mir eis Aktiouun ofbriechen.

Pol: Jo, et huet kee Wäert, mar ass och nach een Daag. Mir wäerte schonns ee Wee fannen, fir dier Avibemama do lass ze ginn!

*An diem Moment knuppt et. Den Zaldot ass iwwer eppes gefall.*

Bill: Psst, Zaldot, maach lues!

Ben: Am Enn hues de si nach erwächt!

Zaldot: Hei ass eng Knubbel am Teppéch. Ech si beim Sichen driwwer gefall!

Pol: Eng Knubbel? Allez, komm elo. D'Aktiouun ass fir haut ofgebrach. Enner dien Teppéch ass schonns esou vill gekiert ginn...

Zaldot: Kuckt hei, wat et ass: d'Zännrad. Ech hunn d'Zännrad fond.

*Den Zaldot hält d'Zännrad an d'Luucht.*

Pol: Gutt esou Zaldot! Göeff mir dat Rad, ech verstoppfen et.

Bill & Ben: Wou?

Pol: Ma dat wäert ech iech elo och nach op d'Nues bannen.

Zaldot: Geheimstufe sieben! Wo ist nur das Rad geblieben? Ist nicht hier, ist nicht da, ist bestimmt in Canada! Hahaha!

*An all verschwannen se vun der Bühn.*

## Szen 8:

*Dien anere Moien.*

*De Barney an den Jerry erwächen. Et gesäit een hinnen of, datt si net wierklech gutt op diem haarde Buedem geschlof hunn. Si reiwen sech d'Aen, stinn op a rullen hier Schlofsäck zesummen.*

Barney: Ech si wéi geriedert. Alt nees eng Nuecht op diem haarde Buedem geschlof. Heiando froen ech mech wierklech, ob mir dat néideg hunn.

Jerry: Stell dir léiwer keng esou Froen. Vill méi wichteg ass dës Fro: Kaffi oder Téi?

Barney: Dann Téi.

Jerry: Ech hu gedreemt, an der Nuecht wir d'Joffer Koffer hei ronderëm geschlach an hät no dir geruff.

Barney: Mäi Gott a mäin Här! D'Joffer Koffer! Déi huet mir grat nach gefeelt!

Jerry: Ech mengen, déi gutt Joffer ass schwéier verschoss an dech...

Barney: Jerry, mir hunn elo aner Problemer. Mir müssen eis em d'Avibemama këmmeren an net em d'Joffer Koffer.

*De Larry an de Lubomir Läera kommen eran.*

Larry: Gudde Moien, dir Hären.

Barney & Jerry: Moi'n.

Lubomir: Mir hunn eis et iwwerluecht.

Barney: Jo, schéin. Mee wat hutt Dir Iech iwwerluecht?

Larry: Mir hunn eis iwwerluecht, datt mir déi Maschinn do guer net wëllen.

Jerry: Pardon?

Lubomir: Mir si Schoulmeeschter, a wa mir wëlle Schoulmeeschter bleiwen, da musse mir och de Meeschter an der Schoul sinn.

Larry: Mir sinn de Meeschter, an net esou eng blöd Maschinn, déi alles kann. Am Liewe muss ee Prioritéite setzen, a mir hunn dat elo gemaach.

Lubomir: Mir hunn dat gemaach a mir wëllen dofir déi blöd Maschinn do net.

Barney: Ma déi "blöd" Maschinn hëlleft Iech jo nëmmen.

Larry: Mir brauche keng Hëllef. Mir maachen dat léiwer alleng.

Lubomir: Um Enn ginn d'Kanner nach besser mat dier blöder Maschinn eenz wéi mir. Dann häte mir keng Autoritéit méi.

Larry: Um Enn gingen d'Kanner léiwer mat dier blöder Maschinn do léieren wéi mat eis. Da wieren d'Kanner net méi frô mat eis.

Jerry: Ma da lauschtert dach ...

Lubomir: Mir hu genuch gelauschtert. Mir wëllen déi blöd Maschinn net - an domat fäerdeeg.

*Elo kommen de Carlo an de Kurt Kënschtler dobäi.*

Kurt: A mir wëllen se och net.

Carlo: Mir brauchen se net.

Barney: O mei, sinn ech da blöd? Elo och nach si.

Kurt: Ech si Schrëftsteller. Ech wëll meng Gecshichten a Gedichter selwer schreiwen. Déi sollen aus mengem Kapp an aus mengen Hänn kommen, an net aus dier blöder Maschinn do.

Carlo: A grat esou ass et mat menge Biller. Ech brauch Faarwen a Pinselen fir ze molen. Ech wëll keng blöd Maschinn, déi alles kann.

Jerry: Mee se soll Iech jo nëmmen bei Ärer Arbecht hëlfen, se soll Är Arbecht net maachen.

Kurt: Egal, um Enn keeft kee méi meng Bicher.

Carlo: Egal, um Enn keeft kee méi meng Biller.

Barney: Ma da waart just emol of, mir weisen Iech haut, wéi Dir mat déser ... Maschinn schaffe kënnt.

Kurt: Mir hu genuch gelauschtert. Mir wëllen déi blöd Maschinn net an domat fäerdeeg.

*Elo kommen d'Düsches an de Prënz erann, gefollegt vun all dienen aneren, bis op den Dino Feiereisen an d'Joffer Koffer.*

Düsches: Aha, ech gesinn, dir sidd schonns am gaangen ze schaffen. Dat ass gutt. Déi Häre Kënschtler a Schoulmeeschter hunn sech also schonns iwwer eis nei Avibemama informéiert. Dat fanne mir gutt, gelldu, Prënz Hierk!

*De Prënz reagéiert net, hien ass am gaangen um Handy ze spiller.*

Barney: Madame Düsches, mir wollten Iech eppes...

Kanister: Genuch geschwat, genuch geschwat. Allez, da fänkt elo endlech un.

Philister: Mir hunn eis Zäit net an der Lotterie gewonnen.

Kunibert: Weist eis, wéi déi Maschinn funktionéiert.

Gummibär: A kuckt datt dir dann iwwer d'Huttschnouer kommt.

Düsches: Richteg, léif Ministeren a Ritteren, et ass wouer, mir hu scho vill Zäit a vill Suen an déi nei Maschinn investéiert, an elo muss iewer geschwénn eppes dobei erauskommen.

Pol: Wat hätte mir mat all diene Suen kenne Panzere kafen.

Ben: Wat hätte mir an all dier Zäit kenne Bréidercher baken.

Düsches: Dir hutt Recht, mee elo weisen eis Spezialisten eis jo, wéi d'Maschinn funktionéiert.

Barney: Genee, Madame. Mee fir d'éischt musse mir nach dat Zännrad nees abauen, dat d'Ritter an d'Ministeren hënt ofgeschrauft haten.

Düsches: Wat héieren ech do!??

Kanister: Déi spannen, déi Nortics-Leit.

Jerry: Zwar net. Dir hutt d'Rad ofgeschrauft an et do énner den Tëppech gekiert.

Philister: Déi spannen, déi Nortics-Leit.

Barney: Dir wollt eis Aarbecht sabotéieren

Kunibert: Déi spannen, déi Nortics-Leit.

Jerry: An dir wollt d'Avibemama sabotéieren.

Gummibär: Déi spannen, déi Nortics-Leit.

Düsches: Dat si schwéier Virwërf. Ech hoffen Dir hutt Beweiser.

Barney: Hei läit d'Rad. Dat ass Beweis genuch!

*De Barney an den Jerry gi bei den Teppech, hiewen en an d'Luuucht, mee do ass näisch. Déi zwee bekucken sech. Si si spraachlos.*

Pol: A wou ass dat d'Rad dann, dat eis Ritter a Ministeren sollten do verstopppt hunn?

Barney: Ech weess et net...

Zaldot: Dir behaapt also, eis léif Ministeren an eis léif Rittere wiere Verréider?

Jerry: Verréider, ... dat hu mir ni gesot.

Ben: A wat da soss!

Barney: Mir wollte just...

Bill: Dir sidd d'Verréider. Dir wollt eiser léiwer Düschess Esmeralda déi deier Maschinn verkafen, hier iewer dat Zännrad net matginn.

Larry: Da kann ee jo guer näisch mat dier blöder Maschinn ufänken.

Lubomir: Da sinn d'Suen zur Fénster erausgehäit!

Barney: Ma nee, also, ... ech verstinn et och net.

Carlo: An elo hei dien Onschéllege spinnen.

Jerry: Mir wollten dach nämmen dat Bescht.

Kurt: Dat Bescht fir iech, mee net fir d'Düsches.

Düsches: Dir zwee Norticen, wat hutt dir zu diene schwéieren Uschéllegungen ze soen?

Barney: Mir hunn Zeien.

Jerry: Jo, mir hunn Zeien, déi et gesinn hunn.

Düsches: Zeien? A wien dann?

Barney: De Sam ...

Jerry: ... an d'Amanda. Si hunn alles gesinn.

Kanister: Elo zéien se och nach déi aarme Kanner mat eran.

Philister: Esou eppes ass onerhéiert!

## Szen 9:

Düsches: Sam an Amanda. Stëmmt dat, wat déi zwee hei behaapten? Sot eis, wat dir gesinn hutt.

*Déi zwee Kanner komme genéiert méi no.*

Larry: A nee, Madame. Dat do geet ze wäit.

Lubomir: Mir als Pädagogen sinn dogéint, datt esou een Drock op d'Kanner gemaach gëtt.

Düsches: Wat hutt dir gesinn, Kanner?

Sam: Mir hu gesinn, datt d'Ministeren an d'Ritter d'Rad ofgeschrauft hunn.

All: Ligen! Dat ass eng Ligen!

Düsches: Roueg. Loosst d'Kanner ausschwätzen!

Amanda: A mir hu gesinn, datt d'Ritter an d'Ministeren d'Rad do ënner den Teppéch gekiert hunn.

Carlo: Datt dat do eng Ligen ass, ass jo wuel kloer.

Kurt: Ganz kloer: wëll et läit kee Rad do. Et ass eng Ligen.

Düsches: Sou, elo weess ech iewer och net méi, wat ech maache soll. Dajee, Prënz Hierk, hal endlech op mat diem Handy ze spiller a so och emol eppes.

Hierk: Ehem, jo, wat soll ech soen?

Düsches: Woumat hunn ech esou ee Mann verdingt!?!?!?!?!?!?!

Kanister: Madame Düschess, Héichwuelgebueren, erlابت mer, Iech e Rot ze ginn.

Philister: Mir roden Iech, an dësem Fall...

Kunibert: Nodeem mir de Pro an de Contra hin an hier gedréit hunn...

Gummibär: Déi zwee “Spezialisten” einfach eraus ze geheien!

Larry: Schéckt se Heem!

Lubomir: Genee, schéckt si an hier verfluchte Maschinn heem.

Pol: Mir hunn näischt vunn hinnen...

Zaldot: A mir hunn näischt vun dier verfluchte Maschinn.

Ben: Mir si vill méi roueg, wann déi verfluchte Maschinn net méi hei ass.

Bill: Mir si vill méi roueg, wa si zwee net méi hei sinn. Mir hu se net geruff!

Kurt: Bis elo ass et jo och ouni déi verfluchte Maschinn gaangen.

Carlo: Bis elo ass et jo och ouni si zwee gaangen.

Düsches: Prënz Hierk, wat mengst du?

Hirk: Also ech hunn elo just de Schluss hei matkritt: mee mir sinn eis dach all eenz: mir schécken si mat hierer komescher, blöder, verfluchte Maschinn heem. Dann hu mir nees Rou.

All: Bravo, Prënz Hierk!

Kanister: Du bass ee richtege Prënz!

Philister: Du weess, wat mir gären hätten!

Düsches: Gutt! Nodeem mir also elo all d'Säite gelauschtet hunn an ech streng iewer gerecht wöll uerdeelen, schécken ech déi zwee heem. An huelt och déi ... Maschinn do nees mat.

All: Bravo Düsches!

Düsches: Ech hat gemengt, all meng Leit wiere frou mat esou enger Maschinn kënnen ze schaffen, mee do hunn ech mech getäuscht.

All: Do hutt Dir den Nol op de Kapp getraff, Düsches.

Düsches: Sou, da rappt elo dës ... Maschinn, déi just Sträit a Mësstraue bruecht huet of, an da maacht dir iech op de Wee Heem.

***An hei kënnt Dir dien integralen Text  
bestellen:  
[meyerr@gms.lu](mailto:meyerr@gms.lu)***